

Mardi,  
20 novembre 2007

Ofschléissend, zu enger Fro vum Här Goerens, däerfe mer net vergiessen, dass mer am Kader vum „burden sharing“ net nëmme schwätze vum „burden sharing“ um Niveau vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen. Mir hunn dräi „burden sharing“en ze diskutéieren: deen heiten, awer och deen um Niveau vun den erneierbaren Energien an och deen um Niveau vun der Energieeffizienz, wou mer eise Plang elo am Januar virzeleeën hunn. Och do mengen ech, dass déi dräi mussen an hiren Efforten an an hire Leeschtungen zesumme gekuckt ginn. Dat heescht, mir hätten och gärden dat gesamte Bild um Niveau vun der Europäescher Unioun, éier mer muer kéinte Jo oder Nee soen zu engem Stéck vun deem Mosaik, dee mer den 20. März am Conseil ofgemaach hunn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Lux. Erlaabt Der kuerz nach eng Zwëschefro vum Här Goerens?

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt de Minister froen, wann elo d'CO<sub>2</sub>-Emissioun vum Fluchverkéier a vum Schëffverkéier och mat kontabiliséiert ginn: Wat geschitt mat deenen Emissiounen, déi vu Schëffer gemaach ginn, déi ënnert dem Lëtzebuerger Pavillon maritime fueren?

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Do iwwerfrot Der mech. Ech hu mech an deene leschte Woche vill konzentréiert op déi Fro vun der Aviatioun, déi scho schwiereng genuch ass, och am Zesummenhang mat eisen Opérateuren hei. Wat d'Schëfffahrt ubelaangt, gëtt et jo nach keng Proposition de texte vun der Kommissioun. Am Géigesaz zu der Aviatioun, wou jo d'Texter virleien, wou d'Europaparlament jo d'lescht Woch seng Décisioun geholl huet, déi iwwregens, soit dit en passant, relativ wäit ewech si vun deem, wat am Conseil vun de Ministere geduecht gëtt.

Mä um Niveau vun der Schëfffahrt gëtt et nach keng Proposition vun der Kommissioun. Déi ass also ofzewarden. Dat ass eng Fro mat där ech mech awer emol an deenen nächsten Deeg wäert beschäftegen, fir ze kucke wat fir eng Attitüd Lëtzebuerg an där dote Fro, wann emol Texter da virleien, kéint anhuelen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass dëse Punkt ofgeschloss. Mir kommen vun leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5471 iwwert deen de Stat autoriséiert gëtt, „à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain“. De Rapporteur ass hei den honorabelen Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 5471 - Projet de loi autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain

*Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports*

» **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et drëm, fir dem Stat ze erlaben, eng Bankgarantie fir d'Schaffen an d'Bedreiwe vun engem städttesche Wärmenetz opzehuelen. Dëse Projet ass de 4. Mee 2005 vum Wirtschaftsminister hei déposéiert ginn. En ass favorabel am Fong aviséiert ginn duerch déi eenzel Chambres professionnelles an och vum Statsrot, quitta dass se op eenzel Punkten hir kritesch Bemierkungen zum Text gemaach hunn. Mä iwwert d'Richtegkeet an d'Wichtigkeet vun deem Projet, ëm deen et hei geet, wou et drëm geet, fir déi néideg gesetzlech a finanziell Viraussetzung ze schafen, dass e ka realiséiert ginn, do sinn et keng Divergenze ginn am Kader vun dëser Prozedur.

Mir waren och eestëmmeg an eiser Kommissioun fir ze soen, dass dat hei e Projet ass, deen, an enger ofgeännerter Form zwar, vun der Chamber sollt gestëmmt ginn. Firwat muss d'Chamber iwwerhaapt hei intervenéieren? Dat ass déi éischt Fro, déi ech ka vläicht stellen.

Vläicht wär et bei engem finanziellen Engagement vum Stat an esou en Opbau vun engem Fernwärmenetz duergaange fir iwwert d'Budgetgesetz déi Autorisatioun do ze kréien. Mä mir bewegen eis hei am Kader vum berühmt-berüchtigten Artikel 99 vun eiser Verfassung, dee jo virschreift, dass bei all wichtigem finanziellen Engagement vum Stat muss iwwer e Spezialgesetz eng Auto-

risatioun virleien. A well et sech hei ëm eng Bankgarantie bis zu 18 Milliounen Euro handelt, déi soll kënne vun där neier Gesellschaft opgeholl ginn, a wou de Stat géif dann d'Bankgarantie stellen, ass et also noutwendeg, dass de Législateur agräift an iwwert dëst Spezialgesetz eng Autorisatioun zu deem doten Engagement vum Stat gëtt.

Dat Fernwärmenetz, wat soll opgebaut ginn, dat beweegt sech an a ronderëm Belval. Op den Territoiren also vun de Gemengen Esch a Suessem. D'Wärmt fir dat Netz gëtt geliiwwert vun Twinerg S.A. Dir wësst, dass dat u sech de Bedreiwer ass vun där Gas-Damp-Turbin, déi viru Joren opgebaut ginn ass an déi eng insgesamt Capacitéitsleeschtung vun 350 Megawatt huet. Bei där Stroumproduktioun opgrond vu Gas fällt Wäermt of, an déi Wäermt gëllt et hei optimal ze notzen a weiderzerechen.

Dat entsprécht iwwregens genau enger Verpflichtung, déi den deemolegen Ëmweltminister den 28. Abrëll 1999 an d'Betriebsgenehmegung ageschriwwen hat an déi virschreift, dass, wann et zu engem Opbau vun esou engem Wärmenetz kënnt, d'Twinerg déi néideg Wäermt och ofgi muss. D'Zil wär et, fir e globale Wirkungsgrad vun der ganzen Zentral an Héicht vu 75% ze erreechen.

Mat deem heiten Invest, mat deem heite Projet, dee progressiven Opbau vun deem Fernwärmenetz ronderëm déi Zentral, gëtt elo eigentlech d'Viraussetzung geschafen, dass och de Genehmigungsoplage Rechnung gedroe gëtt, esou wéi se 1999 festgeschriwwen gi sinn.

Iwwert deen dote Wee kënnen 13.000 bis 20.000 Tonnen CO<sub>2</sub>-Emissiounen agespuert ginn, gleeft een den Aussoen, déi déi zoustänneg Ministere viru kuerzem op enger Pressekonferenz gemaach hunn. Allgemeng muss ee soen, dass, wann een och eis Handlungsméiglechkeeten als Lëtzebuerger Land kuckt am Beräich vun Klimaschutz, am Beräich vun enger rationeller Energienotzung, d'Notzung vun der Wäermt eigentlech e relativ interessante Créneau ass, deen et weider gëllt auszubauen a wou mer nach Aspuerpotenzial hunn, wou mer kënne CO<sub>2</sub>-Emissiounen aspueren a wou mer kënnen d'Energie méi intelligent a méi rationell asetzen.

Duerfir ass et kloer, dass deen heite Projet, wéi aner Projeten och - ech mengen, et ass net deen éischte Projet, deen an deem Beräich gemaach gëtt; och an der Vergaangenheet si schonn ähnlech Projete realiséiert ginn. Ech komme vun Diddeleng. Zu Diddeleng ass, wann ech mech net iren, iwwerhaupt deen éischte Projet vu Fernwäermt opgebaut ginn, Enn der 70er Jore schonn, vum Fonds du logement, zesumme mat der Gemeng Diddeleng am Quartier vum Brill, an an den 80er Joren ass dat dann ausgebaut ginn. Och do huet de Stat ëmmer gehollef, fir déi Saach virunzedrücken. Ech denken hei un déi Projeten um Quartier Kierchbiereg, déi duerchgefouert gi sinn, wou och eng extra Gesellschaft jo geschafe ginn ass sengerzäit, fir kënnen esou Projeten opzubauen.

Dat heiten ass e ganz wichtige Schrëtt. Ech wëll och drun erënneren, dass et och zënter etleche Jore staatlech Hëllef gëtt. Bis zu 40% kann de Stat bäileeën, wann eng Gemeng oder en aner Träger dohinnergeet an e baut esou Wärmenetzer op. Also ass dat schonn eng ganz interessant Pist, déi et och gëllt an nächster Zäit a Saache Klimaschutz ze verfollegen.

Déi konkret Aarbechten un deem Opbau vun deem Wärmenetz zu Belval fänken net eréischt u mat dem Vote vun deem heite Gesetz. Déi si scho laang Joren a Preparatioun. Fir d'éischt sinn Etüde gemaach ginn, an duerno ass et och schonn zu konkreten Aarbechten um Terrain komm, iwwer eng aner Struktur, iwwer e Groupement d'intérêt économique, GIE SUDCAL, an deem de Stat, d'Gemengen an Agora haut vertritt sinn, an déi eigentlech do eng wichtig Viraarbecht geleescht hunn, esou dass, wann déi nei Gesellschaft entsteet, wou jo geduecht ass fir och herno alles, den Aktiv an de Passiv vun de bestehende GIE, dann ze iwwerhuelen, dass déi also praktesch kann nahtlos un dat uknäppen, wat zënter 2002 vum GIE SUDCAL vu Viraarbechte geleescht ginn ass.

Insgesamt sinn 3 Milliounen Euro investéiert ginn an dat Netz do. Dat entsprécht 8,5 Kilometer Rouer, déi an deem dote Beräich verluecht gi sinn. Geplangt ass den Uschloss vu folgender Gebidder: Belval, Sommet als Erweiterung vun der Gewerbezon ZARE, d'Nonnewisen, dat ass e Wunnengegebitt, wat entsteet. Den Terrain vun dem aktuellen Eilerenger Schlakentipp ass och virgesinn, fir mat un dat Netz do ugeschloss ze ginn.

Wat wichtig ass, an dat ass mengen ech ëmmer de Knackpunkt, wann ee wëllt esou Fernwärmenetzer opbauen, dat ass, dass et fäerdeg bruecht ginn ass, sief et iwwert de vertragleche Wee, sief et och iwwer aner Décisiounen vun de Gemengen, fir eng Uschlosspflicht ze erreechen. Mä leider ass et esou, dass do Divergenze bestinn. Och de Ministère de l'Intérieur huet an der Regel Problemer, fir esou eng Uschlosspflicht ze genehmegen,...

*(Interruption)*

...well se der Meenung sinn, dass dat der fräier Konkurrenz tëschent den Energieträger net géif entsprechen an dass do de Gläichheetsprinzip violéiert wär.

Duerfir géif ech et perséinlech begréissen, wa mer eis vläicht kéinten hei derzou duerchschréngen, sief et d'Regierung, sief et d'Parlament, wat jo och kann eng Initiativ huelen, fir gesetzlech déi dote Fro ze klären an eng gesetzlech Grondlag ze schafen, sief et am Energiegesetz vun 1993, sief et am Stadentwécklungsgesetz vun 2004, fir dass ee kann als Gemeng an esou spezifische Fäll beim Plange vun neie Quartieren, beim Plange vun neie Gewerbezonen och esou Virschreite maachen, dass eng Uschlosspflicht un esou en öffentlecht Wärmenetz besteet. Well wann do jiddferen, deen an déi nei Zon wunne kënnt, ka maache wéi e wëllt, dann ass d'Rentabilitéit vun esou engem System natierlech ni garantéiert. Dat ka jo awer och net eist Uleies sinn.

Aus dem GIE gëtt also eng Handelsgesellschaft, eng Société anonyme, wou de Stat soll déi écrasant Majoritéit vum Kapital ausmaachen. Als Partner si virgesinn d'Gemengen Esch a Suessem. D'Kapital, den Engagement, deen de Stat kann an där Gesellschaft huelen, ass op maximal 31.000 Euro limitéiert, wat d'Souscription vum Gesellschaftskapital ugeet. Mä, wéi gesot, et ass virgesinn, dass iwwer Emprunté mat enger Garantie vum Stat bis zu 18 Milliounen Euro kënnen investéiert ginn.

D'Gesetz ëmfaasst och nach zwou zousätzlech Bestëmmungen, déi net oninteressant sinn. Well et ass virgesinn, dass och an deem Gesetz hei eigentlech schonn de Gesellschaftszweck vu SUDCAL definéiert gëtt. Et ass also op där enger Säit d'Schaffen, mä awer och d'Bedreiwe vun deem Fernwärmenetz.

Wat och, mengen ech, net onwesentlech ass bei esou Projeten: Et gëtt och hei iwwert dat Gesetz festgeluecht, dass déi Aarbechten, déi SUDCAL am Kader vu sengem Gesellschaftszweck duerchféiert, vun öffentliche Notze sinn. Dat bedeit also am Kloeertext, dass et kann opgrond vun eisem Droit commun, wat d'Enteegnungen ugeet - et muss net de Fall sinn -, am Noutfall zu enger Enteegnungsprozedur kommen. Dat bedeit och, dass gewëssen Nutzungsrechter domadder kënne verbonne ginn. Nutzungsrechter vu staatlichem respektiv vu Gemeigenterrain fir esou Zwecker kann an Usproch geholl ginn, respektiv och Privaterrainé kënne benotzt gi fir déi doten Zwecker. Natierlech an deem leschte Fall géint eng ugemessenen Entscheidung.

D'Dauer vun den Emprunten ass och iwwert d'Gesetz op 20 Joer maximal festgeluecht. Dee leschten Artikel leet och fest, dass d'Konte vun där neier Gesellschaft mussen duerch e Réviseur d'entreprise gepréift ginn.

Den Extrait ass méi kleng wéi den ursprünglechen Text, deen d'Regierung eragereecht hat an d'Prozeduren. D'Regierung hat méi e laangen, méi e vollstännegen Text gemaach. Mä opgrond vum Avis besonnesch och vum Statsrot ware mer an der Kommissioun eigentlech der Meenung, dass ee sollt e Gesetzesprojet op dat beschränken, wat absolut noutwendeg ass, wou wirklech eng Interventioun vum Législateur muss kommen, fir gewësse Froen ze autoriséieren oder kloerzestellen.

Dat huet derzou gefouert, dass mer an eng Ofspeckungsaktioun vun deem Text mat eragaange sinn, deen elo vun ursprüngleche siwen Artikelen der just nach véier Stéck begräift, well an deem ursprünglechen Text vun der Regierung eng ganz Rei vun Dispositiounen dra waren, déi eigentlech an de Statute vun där neier Gesellschaft kënne geregelt gi respektiv och Widerhuelungen dra ware vu Bestëmmungen, déi mer haut am Gesellschaftsrecht erëmfannen, wat Droit commun ass, dee sech selbstverständlech och op déi nei Gesellschaft wäert applizéieren, a wou et also net noutwendeg ass an engem Spezialgesetz och nach eng Kéier déi Bestëmmungen dann ze widerhuelen. Esou dass ee ka mat rouegem Gewësse soen, dass mer hei eng rationell Aarbecht gemaach hunn an deem Text, wéi en elo virläit, deem entsprécht wou eng Interventioun vum Législateur zu deem heite Projet och noutwendeg ass.

Ech wëll lech also am Numm vun der Kommissioun bieden, fir deen heiten Text ze stëmmen. Ech géif och gärden den Accord vun der Sozialistescher Fraktioun mat drunhänken, well mer der Meenung sinn, dass mer et hei mat engem wichtige Projet ze dinn hunn. E Projet, dee wegweisend ass am Beräich konkrete Klimaschutz an intelligent Energienotzung, a wou mer mat Freed festgestallt hunn, dass net méi spéit wéi de 14. November jo och de Liwwerungsvertrag Twinerg mat de bestehende GIE SUDCAL konnt ofgeschloss ginn, dass also all Viraussetzunge gi sinn, dass deen heite Projet en Erfolleg gëtt.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Sauber agedroen.

*Discussion générale*

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Consumatioun vun der Energie, déi viraussichtlech weider an d'Luucht geet, an déi Répercussiounen, déi et op d'Bilanz vum CO<sub>2</sub>-Ausstooss huet, stellt eis alleguer virun nei Erausforderungen. Net méi spéit wéi de Mëtte konnte mer eis jo laang dovunner iwwerzeegen.

Wat kënne mer maachen, fir eis CO<sub>2</sub>-Bilanz méi a besser an de Grëff ze kréien an awer den Ufuerderunge vun enger moderner Industrie- a Konsumgesellschaft gerecht ze ginn? D'Méiglechkeeten, déi sech bidden, kënne ganz villfältig sinn, sief et bei der Produktioun, bei der Distributioun oder beim Verbrauch. Der Ëmweltproblematik am Energieberäich gëtt an der nationaler Politik Rechnung gedroen, dat op deene Pläng, wou d'Politik intervenéieren oder sensibiliséiere kann.

De Gesetzesprojet vun haut dréit dann och de Stempel vun engem nationalpolitesche Wëllen d'CO<sub>2</sub>-Bilanz ze verbesseren. Dat heescht, dës Bilanz an hirer negativer Entwécklung ze bremsen. Ech ginn elo hei net op den Historique vum Projet an. Den honorabelen Här Bodry huet a sengem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech him félicitéieren, och dëse Volet mat ofgedeckt.

Et geet drëm e Réseau de chaleur urbain, dat heescht also e Fernheizsystem, e Fernheiznetz, dat un d'TGV-Zentral - TGV steet dann hei fir «Turbine Gas Vapeur» - vun Esch ugeschloss ass, ze realiséieren an ze exploitéieren. Dësen Investissement no bei der TGVs-Zentral erméiglecht engersäits eng Optimiséierung vum globale Rendement vun dëser Zentral. Anerersäits passt dësen Invest an déi national Strategie vun der Reduktioun vun den Emissiounen vum CO<sub>2</sub>.

Dezentraliséiert Produktiounsméiglechkeeten hätte fir d'Hëtzversuergung och kënnen an d'A gefaasst ginn. Si wäer souguer nach méi bëlle ginn, wat de finanzielle Standpunkt ubelaangt, mä op d'Kyoto-Bilanz hätte si sech negativ ausgewierkt. Amplaz elo CO<sub>2</sub>-Ausgläichzertifikater ze kafen, wat a sech wechgeworfent Geld ass, ass elo net zulescht aus Ëmweltconsidératiounen de Wee iwwer eng S.A. mat engem Kapital vun 31.000 Euro, an där de Stat de Moment deen eenzegten Aktionär ass, zrëckbehalen ginn.

E privaten Investisseur huet sech net fonnt, mä et wonnert net, datt an Zukunft concernéiert Gemenge sech an där Gesellschaft, déi zwar eng kommerziell Form ugehall huet, awer och gewëssermoossen als Service public ka betruecht ginn, bedeelegen. Fir déi Emprunten, déi dës Gesellschaft ophuele muss, gëtt duerch dëst Gesetz d'Regierung ermächtegt, eng Bankgarantie bis zu 18 Milliounen Euro iwwer maximal 20 Joer ze stellen.

*(Interruption)*

Wat dës Garantie ugeet, huet de Wirtschaftsminister der Chamberskommission confirméiert, an ech zitéieren do: «...que la garantie visée par le projet de loi sous rubrique ne constitue pas une aide d'État relevant de l'article 87 § 1 du Traité CE étant donné qu'elle remplit les conditions posées par la communication de la Commission sur



l'application des articles 87 et 88 du Traité CE relative aux aides d'État sous forme de garanties.»

Doriwwer eraus gëtt an dësem Projet och d'Utilité publique festgehale fir d'Realisatioun vun dësen Aarbechten, wat kéint eng Erliichterung duerstellen an der Prozedur, wann Expropriatiounen noutwendeg wären.

Wat de Finanzement ubelaangt, dierfte sech ënnert dësen Ëmstänn keng gréisser Problemer stellen. Engersäits entspriechen déi 31.000 Euro, déi de Stat als Kapital mat an d'Gesellschaft bréngt, enger méiglecher Subventioun vu ronn 40%, déi iwwert déi normal Subventiounsweeër vun de Loicadren an dësem Beräich kéinten accordéiert ginn, an anerersäits gëtt d'Garantie vum Stat net als Hëllef betruecht.

De Projet a sech ass eng gutt Saach, an ech bréngen dann och den Accord vun der CSV hei mat an.

Merci.

» Plusieus voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Sauber. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

» M. Henri Grethen (DP).- Här President, léif Kolleegen, fir d'éischt mai Merci un eise Rapporteur, den Alex Bodry, deen dëse Projet am Detail presentéiert huet. Ech mengersäits wollt op e puer aner Aspekter vun dësem Projet agoen, a vläicht emol en aneren Historique vum Projet maachen.

Wéi kouw et iwwerhaapt zu dësem Projet? Dëse Projet ass eng Konsequenz vun Initiativen, déi an der Lëtzebuerger Stolindustrie geholl gi sinn. Wéi d'Lëtzebuerger Stolindustrie vun der Flëseggphas erfoogaangen ass op Elektrostoliewen, kouw d'Iddi op, dass een och misst dofir suergen, dass den Approvisionnement un Elektreschem fir déi Instrumenter, fir déi Elektrostoliewe garantiéiert wier oder besser ofgesécheret wier, wéi dat an der Vergaangenheet war. Duerfir kouw d'Iddi, fir esou eng Turbine-Gaz-Vapour zu Lëtzebuerg ze bauen.

Dat Instrument, déi Turbine-Gaz-Vapour ass weltwäit fir d'CO<sub>2</sub>-Bilanz eng gutt Saach. Weltwäit dréit se zur Reduktioun vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen bäi. Fir Lëtzebuerg ass et eng kleng Katastroph. Well et muss een dorun erënneren, zum selwechte Moment, wéi an der Regierung 1994-99 de Wirtschaftsminister an Energieminister derfir plädéiert huet, déi Turbine-Gaz-Vapour ze bauen, zum selwechte Moment huet den Ëmweltminister vun deemools, de verstuerwene Kolleeg Johny Lahure dofir plädéiert, dass ee géif hei zu Lëtzebuerg am Kader vum europäesche „burden sharing“ an iwwregens mam Accord vun der Chamber - Europa huet jo gesot, mir maachen eis staark fir eng Reduktioun vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen vun 8% - ëm 28% erofgoen.

Här President, dat weist ënnert anerem, wéi geféierlech et ass, wann een an der Chamber a Motiounen esou labber aus der Héft schéisst. Ech war och ee vun deenen - ech hunn nogekuckt -, déi déi Motioun matgestëmmt hunn, nicht ahnend, wat d'Konsequenze wieren. Mä d'Konsequenze sinn ënner anerem, dass mer Schwieregkeeten hunn, eis Objektiv ze erreechen, well mer bis dohinneer praktesch eest ganzt Elektrescht aus dem Ausland importéiert hunn an déi CO<sub>2</sub>-Emissiounen, déi do ugefall sinn - well et falen der jo un, wann een net just op Nuklearenergie zrëckgräift -, Lëtzebuerg net ugerechent gi sinn. Mä elo mat der TGV-Zentral gi se Lëtzebuerg ugerechent. Si gi wäit iwwer eng Millioun Tonnen d'Joer, a mer hunn all Krämpes fir déi Objektiv, déi mer alleguer zesummen, ob bewusst oder onbewusst, déi meescht awer onbewusst agaange sinn, ze respektéieren.

Et ware verschidden Etüde gemaach ginn an herno ass erauskomm, dass de Bau vun enger 350-Megawatt-Zentral eigentlech den Optimum wier. An den deemolegen Ëmweltminister - dat war elo 1999 -, den Alex Bodry huet an d'Autorisatioun draschreiweg gelooss, dass déi TGV-Zentral op d'mannst e Wirkungsgrad vu 75% misst erreechen. An dee Wirkungsgrad, dee ka se nëmmen erreechen, wann déi sougenannt Reschtwäermt benotzt gëtt, fir zum Beispill Chauf-

fage urbain ze maachen. Et waren och aner Initiativen envisagéiert ginn, déi awer fale gelooss gi sinn.

Et muss een awer wëssen, dass, wann déi Reschtwäermt net zur Verfügung steet, fir elektresch Energie ze produzéieren, da bedeit dat - wéi soll ech soen? - eng finanziell Abouss fir de Bedreiwler vun der Zentral, an deen hätt also gären déi Reschtwäermt bezuelt. Well et Reschtwäermt heescht, ass et net esou, dass se näischt wäert wär. Deen hätt also gär e Präis dofir. An eleng d'Tat-saach, dass eréischt virun e puer Wochen de Vertrag konnt ofgeschloss ginn, dee weist, wéi komplizéiert déi Verhandlung ware fir de Bedreiwler vun där Zentral dozou ze kréien, e Präis unzebidden, deen - wéi soll ech soen? - déi Energie net méi deier mécht wéi iergendeng aner Form vun Energie fir d'Hëtzen oder fir d'Kille vun deene verschiddene Gebaier.

Ech war als Wirtschaftsminister, Här President, konfrontéiert mat enger Demande, fir och nach déi Zentral ze subventionéieren. Well am Kader vun der Loi-cadre war et normal, dass dee Betrib e Subsid, eng staatlech Hëllef gefrot huet. Ech sinn en aveu - an ech hunn net vill Luef dofir kritt -, dass ech als Minister dee Subsid refuséiert hunn. Ech hunn dee Subsid refuséiert au motif, dass nach Utschlossinvestissementer misste kommen duerch d'öffentlech Hand an dass ech net wëlles hat, dem Steierzueler seng Suen esou liichtschaz auszeginn. An ech hunn deemools dem deemolege Budgetsminister, deen och haut nach Budgetsminister ass, gesot, hie soll déi Suen eigentlech „earmarken“ fir déi Investissementer, iwwert déi mer elo amgang sinn ze schwätzen.

An et war och dat d'Ursaach, firwat mer e GIE kreéiert hunn, firwat mer bereet waren, eng ganz Rei vu Prefinanzementer ze maachen. An all Etüden hu bewisen, dass, ouni eng Subventioun vun der Gréissenuerdnung 40% an d'Infrastrukturen, esou en Instrument net rentabel kéint schaffen. An et ass och dat d'Ursaach, firwat ech an d'Gesetz vun 2004 iwwert de Régime d'aide à la protection de l'environnement e maximale Subsid vu 40% aschreiweg gelooss hunn.

Dëse Réseau, well de Stat en „von der Wiege bis zur Bahre“ begleet an d'Kapital an d'Garantië stellt, brauch natierlech dee Subsid net. Mä d'Fro stellt sech fir aner Investissementer. Zum Beispill fir déi, déi d'Gemenge maachen, wéi dat elo do gehandhaabt gëtt. De Kolleeg Bodry huet schonn Diddeleng ugefouert mat deem Projet, deen an de 70er Joren am Brill gemaach ginn ass. Mä bei der Stad Lëtzebuerg - Verschiddener vun lech hu jo gesinn, wat fir eng Aarbechten hei an der Géigend, Boulevard Roosevelt an esou weider an och um Kierchbierg, vun der Stad gemaach gi sinn -, do stellt sech d'Fro, an ech géif wierklech op dee Problem insistéieren. Den Innenminister ass elo leider net hei, dat ass och normal, dass hien net hei ass, hie war net gefrot, mä et wier awer wichteg, dass d'Gemengen och géife bei deenen Efforté gehollef kréien.

Dat heescht, dass eng Gemeng, déi esou Efforté mécht, och misst ähnlech gehollef kréie wéi elo indirekt d'Gemeng Esch gehollef kritt, andeem de Stat hei d'Garantie iwwerhëlt an de Finanzement. Och aner Gemengen - ech huelen d'Stad Lëtzebuerg, mä dat kënnen och Biekerech an anerer sinn; Biekerech, mengen ech, huet iwwert de Fonds de l'Environnement gehollef kritt - misste gehollef kréien.

Et misst och méiglech sinn, Här President, dass d'Gemengen déi Energie och kënnen verkafen. Well d'Gesetz ass jo elo esou, dass eigentlech eng Gemeng keng Wäermt därer verkafen. Si därer Waasser an Elektresch verkafen, mä dat do ass eng Form vun Energie, un déi deemools, wéi d'Gesetz geschriwweg ginn ass, net geduecht gouf. Ech hu mer soe gelooss, den Innenminister hätt der Gemeng Biekerech en Tarif refuséiert, well dat net am Gemengegesetz virgesinn ass. Et wär wichteg, dass d'Gemengen, déi esou luewenswäert Initiativen huelen, och vum Stat an deem Sënn gehollef kréichen.

Döst ass also e Projet, wou mer contrainst et forcé sinn, well et ass nëmme well déi TGV-Zentral gebaut ginn ass, well déi Oplage koumen a well kee sech bereet fonnt huet, déi Investissementer ze maachen, wou de Stat muss asprangen. Mir als Partei, als Fraktioun ënnerstëtzen dëse Projet, géifen awer bieden, dass fir all aner Projekte vun anere Gemengen oder aneren Institutionen déi déiselwecht Ënnerstëtzung géife kréien.

Merci.

» Plusieus voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Grethen. Als nächste Riedner ass den Här Braz um Tour. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Fir d'éischt eng Remarque. Ech muss de Kolleeg Henri Kox entschëlle-gen, deen u sech déi gréng Fraktioun an där Kommissioun do vertrëtt. Mä eise Kolleeg Kox huet e bëssen de Schnapp erkaalt...

(Hilarité)

...a läit doheem am Bett. Vlächicht kuckt en eis och elo no vun doheem aus, da gréissem er alleguerten.

(Interruptions diverses et hilarité)

Duerfir huet e mech gefrot, a sengem Numm zu dësem Projet ze schwätzen, wat ech och gär maachen, well ech och selwer a menger Funktioun als Schäfte vun der Stad Esch schonn zënter e puer Joer an deem GIE SUDCAL, vun deem haut schonn e puermol Rieds gaangen ass, mat siégéieren an dëse Projet hei eigentlech scho vum Joer 2000 u mat begleeten.

Et ass en Deel vum Historique scho gemaach ginn. Och vum Här Grethen. Ech wëll nach eng, zwou Remarquen do awer bäifügen.

Déi eng ass fir drun ze erënneren, dass, no-deems déi Décisioun geholl ginn ass, déi Anlag mat 350 Megawatt Elektresch op Esch-Raemerich opzerrichten, dat zum Deel contestéiert war - ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zrëck. Et sinn och Etüde gemaach ginn iwwert déi méiglech Auskop-pelung vun Hëtzt - et ass u sech manner en Notze vun Ofwäermt, et ass éischer en Auskoppele vun Hëtzt aus dem Prozess -, fir ze soen, dass zu engem bestëmmten Zäitpunkt wou déi Etüde fäerdeg waren den Dossier gerout huet.

Et ass nëmme wou op der Friche Belval d'Diskussioun richteg lassgaange sinn iwwert d'Revaloriséierung vun de Frichen, dass déi Fro sech och gestallt huet, ob een net misst parallell déi heiten Diskussioun relancéieren. D'Fro, déi sech deemools gestallt huet, war déi, den Zuch net ze verpassen. Well op der Friche Belval sinn d'Diskussiounen virugaangen. Déi éischt Leit si komm, an d'Fro war och, ob schonn deen Éischen, dee géif kommen, op e Wärmeréseau kéint zrëckgräifen. Dat war déi eigentlech Schwieregkeet.

Wa mer haut eréischt géifen e Gesetz stëmmen an et wär nach soss näischt geschitt, wéi dass mer eis haut eens wären, eng Société anonyme ze grënnen, mat deem Objekt, wéi en an dësem Projet de loi steet, da wärem mer e puer Joer ze spët. Well all déi, déi elo schonn do sinn, hu missen Hëtzt kréien, scho während den Aarbechte vun deene Gebaier, an déi mussen d'Garantie kréien, dass, wa se sech géifen Hëtzt iwwer e Réseau liwwere loosse, de Präis géif stëmmen an dass déi Hëtzt och zouverlässeg wär, dass et kloer wär, dass do jiddferen dat géif kréie wat e géif brauchen, zu engem kompetitive Präis. Hätte mer net déi éischt Investoren, sief et déi staatlech oder och déi privat, schonn op e Wärmeréseau kritt, da brächte mer haut heiriwwer eigentlech net méi ze diskutéieren.

Vum Januar un, 2006 schonn, bal zwéi Joer elo, liwwert de GIE SUDCAL, de Groupe-ment d'intérêt économique, Hëtzt. Den éischte Client war d'Rockhal. Och d'Dexia-BIL gëtt scho beliwert op der Friche Belval. Och déi CRPen, déi do sinn, gi beliwert, d'Agora gëtt beliwert an all Einzelnen, dee bäikënnt, gëtt elo scho beliwert, net ab der TGV, mä iwwer Chaudiären, déi elo an enger intermediärer Phas opgeriicht gi sinn. De Réseau selwer läit schonns iwwer aacht Kilometer. Dat ass substanzuell.

Do gesitt Der, wéi laang eigentlech schonn dëse Projet Realitéit ass, éier mer elo op de Wee vun der Société anonyme ginn. Et war och am Ufank net geduecht, dass de Stat et sollt maachen. Déi initial Iddi war, dass dee GIE sech sollt drëms beméien, Machbarkeetsetüden, technesch wéi finanzieller, ze erstellen an dann e private Bedreiwler ze fannen. Och dat ass awer gescheitert dorunner, dass mer den Zäitdrock ze héich hatten. Et wär net méi méiglech gewiescht, sech ëmzekucken no engem private Bedreiwler, wa mer hätte wëllen all déi Rendez-vousen anhalen, déi hei an dësem Dossier anzehale waren.

Et ass also aus där Nout an aus deem Drock eraus, dass iergendwann eng Kéier déci-déiert ginn ass, vu dass et sech ëm e Marché handelt vu captiv Clienten, well eng Anschlusspflicht soll do bestoen, da kann och genausou gutt eng staatlech Entitéit et maachen, mat all de Garantien, déi dat fir déi privat Investore bedeit. Déi solle vun där Hëtzt do herno kënnen profitéieren. Dunn ass eréischt dëse Wee hei begaange ginn, fir op de Wee vun enger S.A. ze goen, wou de Stat all d'Garantien iwwerhëlt.

Dat wäert dann och Enn 2009 esou wäit sinn. Wann alles elo riicht ausgeet, wäert kënnen ab Enn 2009, also ronn zwéi Joer vun elo, ab der TGV kënnen découpléiert ginn. Mir wëllen och als gréng Fraktioun drop hiweisen, dass hei wierklech net nëm-men de Stat seng Verantwortung assu-méiert huet, mä och d'Gemengen, déi zwou betrafte Gemengen, awer och d'Agora als déi Firma, déi Propriétaire ass vum Site Belval, déi alleguerten un dëse Projet gegleeft hunn an alleguerten, a méi wéi eng Kéier, zu bestëmmten Zäitpunkte sech Saache ge-traut hunn, well se dru gegleeft hunn, dass dat heiten eppes géif ginn.

Wär dat net geschitt um Niveau vun de kom-munalen Acteure respektiv den Investoren, da wär dat hei och net esou wäit gaangen. Dat war net ëmmer alles sécher. Et war net ëmmer alles kloer, ob et géif riicht ausgoen, an dach hunn eng ganz Partie Leit zu bestëmmten Zäitpunkte gesot, mir ginn elo emol dee Schrëtt weider.

Ech rappeléieren zum Beispill, dass de GIE SUDCAL seng Statuten dräimol geännert huet, dräimol huet missen änneren, fir se réckwierkend erëm an Aklang ze brénge mat senger Realitéit, déi e praktikéiert huet, fir dass den Dossier konnt viruoen. Dat war alles net esou evident zu bestëmmten Zäit-punkten. Alles dat ass awer gemaach gi mat der Ënnerstëtzung vu jiddferengem.

Wichtig ass och, dass op deene Siten net nëmmen drop gekuckt gëtt, wéi mer déi Hëtzt do liwweren. Wichtig ass och, dass gekuckt ginn ass, wéi vill dass do iwwer-haapt verbraucht gëtt. Well dat ass déi aner Säit vun der Medail. Och do sinn op deenen dote Siten, sief et d'Nonnewisen am Escher Norden, sief et de Site Belval, méi streng Energiekennwäerter respektéiert ginn a ginn haut respektéiert, wéi dat, wat hei zu Lëtzebuerg eigentlech gesetzleche Stan-dard ass. Och dat ass op enger fräiwëlleger Basis am Gespréich mat all den Acteuren zustane komm, dass mer also, och wat d'Verbrauchssäit betrëfft, vernünfteg Wäer-ter do konnte respektéieren.

Eng Remarque och nach zu deem, wat am Gesetzesprojet genannt gëtt «tout autre pé-riphérique» vun der Anlag. Et ass wichteg, dass dat am Gesetz steet, well haut hu mer d'Situatioun, dass de Réseau zu engem Deel läit; do kommen nach Stécker Réseau derbäi, a mir ginn am Prinzip ab Enn 2009 vun der TGV beliwert.

Elo huet awer keen eng Garantie, dass déi TGV fir d'Éiwegkeet do ass. Dat ass après tout eng Décisioun vun der Twinerg, ob déi iergendwann eng Kéier décidéiert, mat hiner Produktioun op der Plaz opzehalen oder weiderzufueren. Et ass also wichteg, dass déi Sociétéit, déi haut gegrennt gëtt, och d'Méiglechkeet kritt, le cas échéant mat enger anerer Chaudière weiderzufueren, wann dee Fall sollt antrieden, dass d'Twinerg hiert Engagement zu Lëtzebuerg géif stoppen. Dat ass sécher net fir haut an net fir muer, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la Prési-dence)

...mä et kann awer duerchaus passéieren, dass d'Twinerg géif mat hiren Aktivitéiten ophalen, an da muss et och do an deem Fall kloer sinn, dass déi Leit, déi vun engem Ré-seau beliwert ginn, ab deem Dag do nach ëmmer hir Hëtzt iwwert de Réseau geliw-ert kréien, dass se net dann erkläert kréien, si misste sech elo awer eng Chau-dièr an de Keller stellen, wat iwwregens bei deene meeschte Gebaier guer net méi virgesi gëtt.

Et ass also wichteg, dass mer och am Ge-setz stoen hunn, dass «tout autre périphé-rique» och méiglech ass am Kader vun dë-sem Gesetz, well dat kann ënner Ëmstänn d'legal Grondlag ginn, fir an e puer Joer eng Kéier eng aner Chaudière dohinnerzestel-len, déi dann de Réseau alimentéiert, mat deem alleguerten déi privat Investoren, déi et elo scho gëtt, beliwert ginn.

Wichtig ass natierlech och, dass et eng An-schlusspflicht gëtt op deem dote Site. Och soss wär kaum ofzeschätze gewiescht, wéi de Marché sech géif entwéckelen, woubäi d'Investier awer ganz héich si bei deenen dote Réseauen. Et ass och duerfir kloer, dass déi Leit, déi un deem Réseau hänken, alleguer d'Recht drop hunn, dass jiddferen zum selwechte Präis beliwert gëtt. Bei captiv Clienté mat Anschlusspflicht ass et schwéier virstellbar, dass ee kann op de Wee goe vun ënnerschiedlechen Tariffer. Dat ass eng Diskussioun, déi jiddferen sech och an deenen doten Terme muss virun Ae féieren.

De Kolleeg Kox huet awer och e puer Saa-chen hei virbereet. Seng Interventioun hat hien esou wäit préparéiert. Ech wëll och do-rauser trotzdem e puer Saachen hei kuerz virliesen, fir nach eng Kéier e bëssen op



den Historique anzegoen an notamment dem Här Grethen e bëssen ze äntwerten, well ganz esou war et an eiser Lecture vun der Genèse vun deem Projet net.

Et muss festghele ginn, dass déi Kritiken, déi deemools vun enger Rei vun Ëmweltorganisationsen respektiv och vun der grénger Fraktioun gemaach gi sinn, eiser Meenung no zu engem groussen Deel zoutreffen. Deemools gouf nämlech kritiséiert, datt et bei engem Kraaftwierk vun esou enger Dimensioun - also 350 Megawatt Elektresch - schwiereg géif ginn déi potenziell ufalend Hëtzt ze notzen. Dat heescht, dass méiglechst vill vun där Energie - an dësem Fall de Gas, deen zum Bedreiwe vum Kraaftwierk gebraucht gëtt - optimal och muss ëmgesat ginn. Sief et a Form vun elektreschem Stroum, wat d'Haaptfinalitéit vun der Anlag ass, oder als Prozesswiermt, déi dann iwwer e Wärmenetz kéint genotzt ginn; wat mer jo elo maachen. Wa méi dovunner genotzt gëtt, da fält de Gesamtwirkungsgrad deementspriechend och méi héich aus.

Déi Kritik, déi mer deemools haten, war déi, dass déi Anlag eiser Meenung no iwwerdimensionéiert wier. Deemools ass plädéiert gi fir eng méi kleng Anlag. Et sinn och Konzepter lancéiert gi fir dezentral Unitéiten ze maachen: dräi Eenheete vun 100 Megawatt Elektresch. Et ass schlussendlech déi Gréisst 350 Megawatt zrëckbehale ginn, mam Usproch eng Kéier duerch d'Auskoppelung vun der Hëtzt op e Gesamtrendement vu 75% ze kommen. Dat Zil wäert allerdéngs net erreecht ginn, och net mat deem, wat mer haut maachen, well déi Anlag iwwerdimensionéiert war. Fir op e Gesamtrendement vu 75% ze kommen, misst ee bis zu 150 Megawatt thermesch auskoppelen. Dat ass dat Véierfacht vun deem, wat haut mat der Twinerg vertraglech vereinbaart ass.

Wann een dee Rendement vu 75% hätt wëlen erreechen, deen hätt ee kënnen eescht-haft ustriewe bei enger Anlag vun enger Dimensioun an der Gréissenuerdnung vun 200 Megawatt Elektresch. Do hätt ee kënnen mat deem, wat hei u Potenzial ass an nach vu Potenzial ka bäikommen, iwwert d'Auskoppelung tatsächlech e Rendement ustriewe vun ëm déi 75%. Dat wäert duerch d'Iwwerdimensionéierung vun dëser Anlag net méiglech ginn.

Trotzdeem ass et e sënnvolle Projet, well mer de Rendement électrique, deen elo bei 57, 58% läit, wäerten iwwert d'60%-Barrière kréie mat dësem Auskoppele vun der Hëtzt. Dofir ënnerstëtzt och déi gréng Fraktioun dëse Projet zu 100%.

Et bleift - an ouni wëllen ze vill an d'Vergaangenheet wullen ze goen -, dass déi Kri-

tiken, déi deemools um Projet vum Här Goebbels vu Grénger Säit an och vu Säit vun ekologeschen Associatioune gemaach gi sinn, zoutreffen. An dat, wat mer haut maachen, an dat, wat mer domadder erreechen als Resultat, beleet nodréiglech nach eng Kéier, dass de Projet deemools iwwerdimensionéiert war. Mä dat ass elo Geschicht.

Fakt ass haut, dass d'Anlag do steet, an dass mer dat Beschts aus der Anlag solle maachen. An dat Beschts draus ze maachen ass dat, wat mer mat dësem Projet haut maachen, nämlech dofir ze suergen, dass dat, wat kann ausgekoppelt ginn, gemaach gëtt, an dass mer och no vir kucken op eventuell souguer weider méi héich Auskoppelunge vun där doter Anlag. Déi sinn technesch méiglech. Dat misst dann diskutéiert ginn. Mir sinn also haut um richtege Wee. Duerfir bréng mir als Gréng och eis Zoustëmmung zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Dann huet nach den Här Mehlen d'Wuert.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, no all deenen Explikatiounen, déi mer hei kritt hunn, bleift eigentlech net méi vill bäizefügen. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soen. Hien huet eis hei genee erkläert, net nëmmen ëm wat et geet, mä woufir mer och e Gesetz hei musse stëmmen.

Et geet - an duerfir schléisst déi Debatt sech hei am Fong geholl nahtlos un déi Debatt un, déi mer virdrun haten - drëm fir Klimaschutz ze bedreiwen. Et kann een dat maachen iwwer Reduktioun vun der Consommation. Den anere Wee, dee mir an Zukunft verstärkt musse goen, ass d'Effizienzsteigerung vun deem, wat mer un Anlagen hunn. Dat ass hei de Fall. Duerfir wëll ech hei soen, datt mir grondsätzlech och mat deem Projet d'accord sinn. Och wann een eng Partie kritesch Remarquen, déi virdrun hei gemaach si ginn, virbehaltlos kann ënnerstëtzen.

Et geet, Här President, eigentlech grondsätzlech drëm fir Wäermt, déi bis elo verpufft ass an net genotzt ginn ass, ze notzen. Allerdéngs héiert ee jo, datt et an der Technik draläit, datt wann ee méi Wäermt auskoppelt, datt et op där anerer Säit och deelweis erëm op de Wirkungsgrad vum Rendement électrique geet.

An der Gesamtbilanz ass et awer positiv. Ech erënnere mech drun, an och eise Grupp huet deemools d'Meenung vertrueden, datt een net eng grouss Unitéit soll

bauen, mä éischter zwou oder dräi oder véier méi kleng Unitéiten, fir ebe kënnen de Maximum u Wäermt auszekoppelen an ze notzen. Dat heescht och, effektiv dee Rendement esou héich wéi méiglech kënnen ze dreiwien. Mir hunn elo grad héieren, datt dat mat deene 75% ënnert den aktuelle Gegebenheeten illusoresch ass. Et sief dann et wär ee bereet déi Auskoppelung nach vill méi wäit ze dreuwe wéi dat bis elo virgesinn ass.

Grondsätzlech musse mer an Zukunft ëmmer op de Wee goen, fir de Maximum u Wäermt, deen als Offallprodukt ufällt, auszekoppelen. Dat gëllt beispillsweis och fir déi kleng Biogasanlagen, wou e groussen Deel oder eng Partie net rentabel sinn do-duerch, well se d'Wäermt net kënnen notzen an och doduerch hiren ekologesche Rendement net héich genuch ass.

Mir bréngen, wéi ech hei gesot hunn, eisen Accord. Et geet jo hei drëm, datt de Stat sech finanziell kann engagéiere bis zu enger Héicht vun 18 Milliounen d'Garantie ze liwweren, fir datt déi Aarbechten hei kënnen gemaach ginn. Duerfir wäerte mir dat och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Dann huet den Här Lux nach d'Wuert als Verrieder vum Här Krecké.

» M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, en remplacement de M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.- Här President, als Vertriedung vum Här Krecké, deen elo ënnerwee ass an de Chile, wëll ech der Chamber a virun allem och dem Rapporteur Merci soen. De Projet, deen effektiv eng laang Nues huet, mä eng grouss Bedeitung huet fir dat, wat mer virdrun diskutéiert hunn, nämlech all Potenzial, a wann et och nëmmen 13.000 bis 20.000 Tonne sinn, déi aus der Etüd erauskomm sinn.

Ech hunn e puer Messagen opgefaangen, déi sech souwuel un hie wéi och un den Innenminister riichten. Ech wëll soen, dass ech an der Fro vun de Gemengen mat deem, wat hei gesot ginn ass, voll d'accord sinn an effektiv mengen, dass d'Regierung hei soll en Déblocage maache vun enger Rei vu Virschrëften, fir d'Geleeënheet ze ginn do méi aktiv kënnen virzegoen.

Ech wëll schlussendlech soen, och fir dem Henri Grethen säin Deel vu senger Geschicht, dass ech mech an deenen nächste 14 Deeg wäert domadder beschäftegen, fir d'Allocatioun fir d'Twinerg ze fixéieren am zweeten Allocatiounsplang fir d'Period 2008-2012. Dat wäert net einfach ginn.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5471 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par M. Patrick Santer), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 18.30 heures)**



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all

öffentlech Sëtzung

live an integral

An der Gemeng Bartreng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Beetebuerg um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Walfer um Kanal S29 / 367.25 Mhz

•

Zu Biwer an zu Wecker um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bous um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bërmereng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Konter um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dikrech um Kanal S19 / 287.25 Mhz

•

Zu Iermsdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Gréiwemaacher  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hieffenech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt,  
Ollem an Nospelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Medernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz